AHA Generalversammlung

Der kathoulescher Kierch geet et just ëm d'Suen

AHA, d'Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker hei am Land hat e Freideg den Owend Generalversammlung.

Vun RTL

© RTL Archivbild

AHA begréisst, datt d'Kierchefabrécke ofgeschaaft goufen an hofft, datt elo de ganze Besëtz vun der kathoulescher Kierch endlech géif ëffentlech ginn. Doduerch géif wahrscheinlech sou munchem kloer ginn, ëm wat et der kathoulescher Kierch wierklech géif goen: ëm Suen. Dat schreift AHA an engem Communiqué. D'Plainte vun 41 Kierchefabrécke fir 40 Milliounen Euro Schuedenersaz géif dat ënnersträichen.

AHA gëtt et elo zanter 8 Joer, zwee Joer ass virdrun un deem atheistesche Grupp geplangt ginn. De Laurent Schley huet e Freideg annoncéiert, datt hien 2019 - aus zäitleche Grënn – als President ophält.